

# ALA-ZEITUNG

02 | 2025



## Editorial

- Mme Lydie Diederich

### ala aktuell

- Konventioun vum Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp“ mam Dr. Fernand Grünig
- Aktiouns- a Sportsdag „Spezifesch Bedierfnisser“ am Kader vun de Sensibiliséierungswoche vun der Stad Lëtzebuerg
- „Science meets care“ – Part 2 – Visitt vum Luxembourg Center for Systems Biomedicine (LCSB) am Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp“ zu Ierpeldeng
- D'Bewunner aus dem Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp“ zu Middelkerke
- Charity Cross 2025 vum Maacher Lycée
- Neue Photovoltaikanlage im Wohn- und Pflegeheim „Beim Goldknapp“
- Mat Häerz an Engagement am Service Housekeeping
- Kreativität als Brücke zwischen den Generationen – Kunstprojekt mit dem Lycée classique Diekirch
- Vorlesestunde – Märchen und Alltagsgeschichten
- Presentatioun vum Service Développement organisationnel et Assurance Qualité (SDQ)
- Das Ethikkomitee der ala – Achtung und Ermöglichung der Selbstbestimmung bei Demenz – eine ethische Herausforderung
- D'ala seet Merci

### Zum Thema Demenz

- Info-Zenter Demenz
- Alzheimer Europe

- Spenden/Dons Fondation Alzheimer

### Agenda

- Cours fir betraffe Familljen
- Permanence vun der ala am Centre médical zu Wëntger
- Familljekrees
- Helpline
- Unterstützte Selbsthilfegruppe für Menschen mit beginnender Demenz
- ala plus, unser häuslicher Hilfs- und Pflegedienst
- D'ala recrutéiert

- Dienstleistungen und Strukturen der ala

### Impressum

Oplag	1.550 Ex. 4 Mol d'Joer
Editeur	Association Luxembourg Alzheimer ASBL
Redaktioun	Association Luxembourg Alzheimer
T.	26 007 - 1
F.	26 007 - 205

Mat frëndlecher Ënnerstëtzung vum  
  
LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Famille, des Solidarités,  
du Vivre ensemble et de l'Accueil



# EDITORIAL

Mme Lydie Diederich  
Generaldirektesch vun der ala



D'Alzheimer-Krankheet an aner Demenzformen hu wäitreechend Auswierkungen op d'Betraffener, hiert Ëmfeld an d'Gesellschaft. Organisatiounen iwwerall op der Welt setzen sech dofir an, Betraffener a Familljen ze ännerstëtzen, d'Begleedungsservicer an d'Strukturen de Besoien entspreichend unzebidden, d'Fuerschung ze férderen an d'Sensibiliséierung an der Ëffentlechkeet ze stäerken. Fir dës Missiounen effektiv émzeseten, ass fir d'ala den Austausch tëscht den Alzheimer- an Demenz-Organisatiounen e wichtige Bestanddeel.

**Wësse vernetzen: Best Practices a Léierprozesser** Organisatiounen, déi sech mam Thema beschäftegen, hu vill Wëssen an Erfarungen, déi si an hirer deeglecher Aarbecht sammelen. Den Austausch vun dësem Wëssen – duerch Konferenzen, Echangen oder digital Plattformen – erméiglecht et, Best Practices ze identifizéieren an Innovatiounen ze férderen. Zum Beispill kënnen Erfarunge mat neie Betreiuungsmodeller oder Preventiounsinitiativen an engem Land als Inspiratioun fir aner Regiounen déngen.

## Global Erausfuerderunge mat lokaler Expertise verbannen

Alzheimer- an Demenz-Organisatiounen schaffen a verschidde kulturellen a gesondheetspolitesche Kontexter. Den Austausch erlaabt et, global Erausfuerderunge mat lokaler Expertise ze verknäppen. Sou kënne Léisungen entwéckelt ginn, déi de lokale Bedierfresser ugepasst sinn a gläichzäiteg op international Erfarungen opbauen.

**DADO – Zesummenhalt iwwert d'Grenzen eraus** E konkret Beispill vun esou engem Austausch ass d'Netzwierk DADO, dat Alzheimer- an Demenz-Organisatiounen aus Däitschland, Éisträich, der Schwäiz, Lëtzebuerg, der Belsch, Italien (Südtirol)

a Liechtenstein zesummebréngt, fir gemeinsam Wëssen auszetauschen an d'Interesse vu Betraffenen an der Gesellschaft ze vertrieben.

Am Kader vum DADO-Netzwierk, an dat am Kader vun engem Erasmus+ finanzieréierte Projet, sinn dräi bedeitend Projeten entstanen, déi Ufank Juni 2025 gemeinsam virgestallt gi sinn:

- **Demenz am jéngerem Alter:** eng Handreechung, déi sech mam Thema vun Demenz bei jéngere Menschen ausernee setzt.
- Finanziell an net-finanziell Ënnerstëtzung fir d'Fleeg an d'Betreiung doheem: eng Inspiratioun fir DADO-Memberen a gläichzäiteg en Argumentatiounspabeier, fir d'Betreiung vu Mënsche mat Demenz doheem ze verbesseren.
- **Diversitéit:** eng gemeinsam Handreechung, déi d'Wichtegkeet vun der Diversitéit an der Betreiung a Fleeg vu Mënsche mat Demenz beliicht.

## De mënschlechen Aspekt: Solidaritéit an Ënnerstëtzung

Nieft dem Fachwësse spiltt de mënschlechen Aspekt eng grouss Roll. Organisatiounen, déi mam Thema Demenz a Kontakt kommen, deelen net nëmmen Donnéeën, mee och Erfarungen, Emotiounen an d'Gefill vu Solidaritéit. Dëst kann eng grouss Quell vu Motivatioun a Resilienz sinn, besonnesch wann d'Aarbecht usprochsvoll an erausfuerderend ass.

Den Austausch tëscht Organisatiounen – ob duerch Netzwierker wéi DADO oder internatioal Kooperatiounen – ass eng wichteg Ressource fir d'Entwécklung vun innovative Léisungen, d'Verbesserung vun der Betreiung an d'Schafe vun enger Stëmm fir Betraffener an hiert Ëmfeld.

# ALA AKTUELL

## Konventioun vum Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp“ mam Dr. Fernand Grünig

Den 22. Abrëll huet den Här Dr. Fernand Grünig, Urolog, eng Konventioun mam Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp“ zu Ierpeldeng un der Sauer énnerschriwwen a Präsenz vun der Mme Michèle Halsdorf, Direktiounsbeoptraagt vum Wunn- a Fleegeheem, der Mme Nina Schmitz, Responsabel vum Fleegedéngscht a vun der Mme Dr. Nadine Jacoby, Médecin coordinateur. Mir freeën eis op eng gutt Zesummenarbecht.



## Aktiouns- a Sportsdag „Spezifesch Bedierfnisser“ am Kader vun de Sensibiliséierungswoche vun der Stad Lëtzebuerg

Den 10. Mee huet op der Place d'Armes den Aktiouns- a Sportdag „Spezifesch Bedierfnisser“ vun der Stad Lëtzebuerg stattfonnt. Verschidden Associatiounen, déi am Beräich vun de spezifesche Besoineschaffen, haten Informatiounsstänn an hunn Demonstriatiounen souwéi verschidde Workshoppen ugebueden. Den Här Max Hahn, Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, an d'Mme Corinne Cahen, Member vum Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg, waren och op Besuch um Stand vun der ala.



## „Science meets care“ – Part 2 Visitt vum Luxembourg Center for Systems Biomedicine (LCSB) am Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp“ zu Ierpeldeng



Den 29. Abrëll ware Mataarbechter vum LCSB (Luxembourg Centre for Systems Biomedicine - University of Luxembourg) op Besuch am Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp“ zu Ierpeldeng un der Sauer. Dëse Besuch stoung ënnert dem Motto „Science meets care“. Et war den 2. Deel vun dëser Initiativ, déi drop ausgeriicht ass, d'Fuerschung an d'Fleeg méi enk ze verknéppen an dat nodeems d'Mataarbechter vun der ala schonn am Januar d'Fuerschungslaboratoire vum LCSB um Belval besicht haten.

No enger Presentatioun vun der ala vun der Mme Michèle Halsdorf, Direktiounsbeoptraagt vum Wunn- a Fleegeheem, hunn si a klenge Gruppen d'Wunnunitéité besicht.



## D'Bewunner aus dem Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp“ zu Middelkerke

Vum 19. bis den 23. Mee 2025 war e Grupp vu 5 Bewunner an 3 Mataarbechter aus dem Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp“ an d'Vakanz op Middelkerke an den Hotel Middelpunt. Wärend 5 Deeg hu si vu schéinem Wieder a villfältegen Aktivitéite profitéiert.

Si waren op d'Plage picknicken an hunn do en Draach fléie gelooss, si waren op de Maart, an de Sealife, hu Minigolf gespillt an e bësse Sport

gemaach. Natierlech hunn eng Glace an eng Gaufre op der Digue och net dierfe feelen.

Et war esouguer déi éischt Vakanz fir eng Bewunnerin vun 80 Joer aus dem Wunnheem. De leschten Dag waren si awer och nach e puer Souvenire kafen, fir mat heem ze huelen. Alles an allem war dëst eng flott Ofwiesslung zum Alldag zu Ierpeldeng un der Sauer.



## Charity Cross 2025 vum Maacher Lycée



De 15. Mee huet den Charity Cross 2025, organiséiert vum Maacher Lycée, um Stadium „Op Flohr“ stattfonnt, wou 4.226 Participanten 31.874 Tier fir e gudden Zweck gelaf sinn. Dëst war déi 22. Ausgab vun dësem Spendelaf.

Den Charity Cross ass e Benefizlaf, bei deem Schüler, Enseignanten an och extern Leefer esou vill Kilometer wéi méiglech lafen. Fir all gelafene Kilometer spenden entweder privat oder institutionell Sponsoren e fräi gewielte Betrag. D'Recettë ginn dann un zéng net-kommerziell Organisatiounen, déi hire Sëtz zu Lëtzebuerg hunn, dorënner och d'ala, an déi sech fir sozial Gerechtegkeet, Integratioun an d'Énnerstëtzung vu Mënschen an Nout aseten.

Et war e super Dag mat enger top Organisatioun. Mir si frou zu de Beneficiairë vun dësem erfollegräichen Evenement ze gehéieren a mir soen e grousse Merci.



## Neue Photovoltaikanlage im Wohn- und Pflegeheim „Beim Goldknapp“

Am 7. März wurde die neue Photovoltaikanlage im Wohn- und Pflegeheim „Beim Goldknapp“ in Erpeldingen an der Sauer in Betrieb genommen. Diese wurde in Zusammenarbeit mit der Genossenschaft EnerCoop Uelzechtdall realisiert.

Auf den Dächern des Wohn- und Pflegeheims „Beim Goldknapp“ der ala konnte EnerCoop 368 Photovoltaikmodule installieren. Diese liefern eine jährliche Leistung von 158 kWp bzw. 153 MWh, was dem durchschnittlichen Stromverbrauch von 47 Haushalten entspricht.

Dieses wichtige Projekt wurde zu 30 % von der Genossenschaft EnerCoop finanziert, die restlichen 70 % wurden durch Darlehen ihrer Mitglieder gedeckt. Die ala stellte im Gegenzug die Dachflächen zur Verfügung.



Dieses Projekt zeigt beispielhaft den Geist einer Genossenschaft: individuelle Kräfte zu bündeln, um gemeinsam große Projekte zu verwirklichen, die für Einzelpersonen nicht realisierbar wären.

Während der erzeugte Strom bei manchen Anlagen ins Netz eingespeist wird, wird die am Standort Erpeldingen erzeugte Energie direkt vor Ort genutzt. Die ala kann damit 18 % ihres Strombedarfs selbst decken.



## Mat Häerz an Engagement am Service Housekeeping



Eng engagéiert Mataarbechterin am Déngscht vum Wuelbefanne vun eise Bewunner, hire Familljen an dem Personal vun der ala.

Zénter Abrëll 2023 gehéiert d'Joëlle Klein zum Team vun der ala. Mat hiren 43 Joer bréngt si eng wäertvoll Erfarung an hiert Aarbechtsëmfeld am Service Hotellerie. Als zoustänneg Persoun am Housekeeping këmmert si sech ém d'Propretéit an d'Uerdnung am Gebai a ronderëm – eng Aufgab, déi am Alldag vill Opmiersamkeet an Engagement verlaangt.

Fir d'Joëlle ass d'Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp“ keen Neiland: vun 2007 bis 2022 huet si am Restaurant geschafft an do vill schéin a prägend Momenter zesumme mat de Bewunner erlieft. Besonnesch d'Schaffe mam Thema Demenz huet hir Aarbecht a Mënschlechkeet geprägt. Trotz schwéiere Momenter, wéi wa Bewunner hir Famill net méi erkannt hunn, huet d'Joëlle émmer nees déi schéi Säite vun der Aarbecht mat vill Freed a Passioun erlieft, besonnesch bei Fester mat Musek a Gesank.

Duerch hir nei Aufgab am Housekeeping huet si och en Ableck an dat alldeeglecht Zesummeliewen an de Wunnberäicher kritt. Ob an der Kitchen, an der Stuff oder am Park – si gesäit, wéi wichteg déi kleng, gemeinschaftlech Aktivitéiten am Alldag vun de Bewunner sinn.

Am Housekeeping gehéieren énner anerem follgend Aufgaben zu hirem Beräich:

- Kontroll a Koordinatioun vun der Botz-Equipe,
- Sécherstellen, dass d'Sécherheetsmoosname respektéiert ginn, z. B. fir Stuerzgeforen ze vermeiden,
- Opstellen an Iwwerwaache vun de Botzpläng fir d'Kitchen an d'Wunnunitéiten,
- Organisatioun a Gestioun vum Wäschservice (platt Wäsch a Bewunnerwäsch),
- Koordinatioun mam Service Technique bei Reparaturen a Schied,
- Virbereedung vu Reuniounssäll a Receptiounen a Koordinatioun vun Eventer mat den zoustännege Servicer.

Och bei der Beruffskleedung vun de Mataarbechter ass d'Joëlle d'Uspriedpartnerin bei Froen a fir Reklamatiounen.

Mat vill Engagement dréit si dozou bái, dass d'Ëmwelt fir eis Bewunner propper a sécher ass, an dass si sech wuel fillen.

Hir Motivatioun an hir déif Verbonnenheet mat de Bewunner maachen d'Joëlle zu engem wichtegen a geschätzte Member vun eisem Team.

D'Joëlle Klein ass iwwer Telefon um 26 007-562 oder per Mail énner hotellerie@alzheimer.lu erreichbar.



## Kreativität als Brücke zwischen den Generationen – Kunstprojekt mit dem Lycée classique de Diekirch

Im Wohn- und Pflegeheim „Beim Goldknapp“ fand im Zeitraum von Februar bis April 2025 ein intergenerationelles Kunstprojekt mit Schülern der Abschlussklasse statt.

Insgesamt 13 Schüler des LCD haben dabei einmal wöchentlich mit Bewohnern des Wohn- und Pflegeheims gemeinsam an kreativen Projekten gearbeitet. Dieses Projekt ist wichtiger Bestandteil eines Kurses zum Thema „kunsttherapeutische Techniken“ und gibt den Schülern Einblick in die paramedizinische Berufswelt.

Die Kursleitung obliegt Frau Martine Breuer, die die Initiative ergiff, die als bezüglich dieses Projektes anzusprechen. Gemeinsam mit dem Service Encadrement und dem Service thérapeutique wurden die Inhalte und Umsetzung der Kreativworkshops geplant und vorbereitet.

Nach einem Informationsnachmittag, bei dem die Schüler über die spezifischen Bedürfnisse von Menschen mit Demenz informiert wurden, konnte die Praxisphase des Kunstprojekts beginnen.



Insgesamt fünf Termine zum gemeinsamen kreativen Arbeiten fanden statt.

Dabei haben jeweils 2 bzw. 3 Schüler mit 2 bzw. 3 Bewohnern gemeinsam an verschiedenen kreativen Werken zum Thema „Eintauchen in Erinnerungen“ gearbeitet. Eine Auswahl an unterschiedlichen Techniken bot den Teilnehmern abwechslungsreiche Möglichkeiten, ihrer Kreativität Ausdruck zu verleihen und sich gegenseitig über die gemeinsame künstlerische Tätigkeit besser kennenzulernen.

Die persönliche Lieblingsblume wurde als Mosaik dargestellt, das Lieblingstier als Lehm-skulptur geformt, gebrannt und anschließend glasiert. Der Lieblingsort der Teilnehmer wurde in Form einer Collage thematisiert, zu dem ebenfalls gemeinsam ein Text oder Gedicht verfasst wurde.

Neben den kreativen Ergebnissen stand jedoch das intergenerationale Zusammenkommen und Kennenlernen im Fokus des Projektes. Es war eine große Freude zu sehen, wie schnell Schüler und Bewohner über das gemeinsame kreative Schaffen miteinander in Kontakt kamen und anfängliche Berührungsängste in kürzester Zeit überwunden wurden. Die Gruppe konnte über das Projekt sehr gut zusammenwachsen und sich auf Augenhöhe begegnen.

Es wurde viel gemeinsam gelacht, persönliche Anekdoten geteilt, an den Werkstücken getüftelt und neue Erkenntnisse gewonnen.

Am Ende des Projekts fand dann eine gemeinsame Vernissage im Wohn- und Pflegeheim statt, bei der alle Teilnehmer des Projektes sowie die Direktion des Lycée classique de Diekirch und des Wohn- und Pflegeheims sowie Familienangehörige zusammenkamen, um die Ergebnisse des Kunstprojektes zu bestaunen.

In diesem Rahmen fand auch eine gemeinsame Abschlussreflexion aller Teilnehmer statt, um ihr Erleben des Projektes zu evaluieren.

Das Feedback von Schülern und Bewohnern war einheitlich mehr als positiv. Alle empfanden die intergenerationale Zusammenarbeit als sehr bereichernd und sind besonders froh über die neuen Bekanntschaften und gemeinsamen Erlebnisse.

Es konnte bei den Schülern viel Verständnis für Menschen mit Demenz vermittelt werden und einige wurden in ihrer anschließenden Berufswahl beeinflusst, die nun einen paramedizinischen bzw. sozialen Beruf erlernen möchten.



Wir möchten uns an dieser Stelle bei allen Teilnehmern des Kunstprojektes bedanken und wir freuen uns darauf, im nächsten Schuljahr einen weiteren Kurs begrüßen zu dürfen.



### Zitate der Schüler über das Projekt

„Ich nehme für die Zukunft mit, immer respektvoll mit Älteren zu sein und ihnen genug Zeit zu geben. PATIENCE IS THE KEY.“

„Am besten gefallen hat mir, dass ich manchmal während der Arbeit nicht aktiv daran dachte, dass ich mit Menschen mit einer Demenz arbeite.“

„Am schönsten war für mich das gemeinsame Lachen.“

„Ich nehme für die Zukunft mit, dass man auch mit Menschen mit einer Demenz lachen, Spaß und eine schöne Zeit haben kann.“

„Besonders schön war das Glück der Bewohner und die Freude mit uns zu arbeiten.“

„Die Interaktion und die Gespräche mit den Bewohnern haben mich positiv berührt.“

„Demenz kann viele Seiten haben und ist nicht so, wie sie in der Gesellschaft wahrgenommen wird.“

## Vorlesestunde – Märchen und Alltagsgeschichten

Seit kurzem gibt es im Wohn- und Pflegeheim „Beim Goldknapp“ in Erpeldingen ein neues Angebot des Service Encadrement. Jeden Donnerstag um 15 Uhr steht eine Vorlesestunde im Aktivitätenkalender, an der die Bewohner teilnehmen können. Sie findet im Entspannungsraum statt und ist bedingt durch die Raumgröße auf 12–14 Personen begrenzt. Der Raum eignet sich besonders gut für eine Vorlesestunde, da die Bewohner hier sehr wenig von äußeren Reizen gestört werden und sich somit voll und ganz auf das Zuhören konzentrieren können.

Sicherlich fragen sich jetzt viele, warum Vorlesen für Menschen, die an einer Demenz erkrankt sind, sinnvoll ist. Diese Frage ist leicht zu beantworten. Wenn es im Verlauf der Demenzerkrankung immer schwieriger wird, selbst ein Buch, eine Geschichte oder auch nur die Tageszeitung zu lesen, ist es überaus wichtig, dass der Angehörige oder auch die Pflegeperson sich Zeit nimmt, etwas vorzulesen. Vielleicht erinnern sich einige an ihre Kindheit und verbinden positive Gefühle wie Wärme, Zuneigung, Sicherheit, Geborgenheit und Ruhe mit dem Vorlesen. Im Verlauf der Demenzerkrankung gehen nach und nach viele Fähigkeiten verloren, jedoch bleiben die Gefühle, wie Freude, Trauer, Angst und Ärger, erhalten. Gefühle werden durch Emotionen, wie z. B. Lachen und Weinen, nach außen transportiert. Um das Ziel des Angebots der Vorlesestunde zu verstehen, muss man sich mit einigen Begriffen auseinandersetzen.

Rituale geben dem an Demenz erkrankten Menschen die nötige und wichtige Sicherheit. Der Definition nach beschreibt ein Ritual eine Handlung, die nach vorgegebenen Regeln abläuft und sowohl religiösen als auch weltlichen Charakter haben kann. Bestimmte Rituale können einen positiven Einfluss haben und sind meist von wich-



tiger Bedeutung für den an Demenz erkrankten Menschen. So ist schon der immer gleiche Tag und Zeitpunkt der Lesestunde als Ritual anzusehen. Dies sind Alltagsrituale, die wöchentlich wiederholt werden und somit zu einer festen Struktur beitragen. Ein Ritual in der Vorlesestunde ist die Begrüßung der teilnehmenden Bewohner und das Bimmeln eines Glöckchens läutet jedesmal das Vorlesen ein. Verschiedene Märchen und Geschichten haben rituelle Inhalte. So werden gleiche Reime oder Sätze mehrmals wiederholt, z. B. „Rapunzel, Rapunzel, lass dein Haar herunter“. Die meisten Märchen sind nach einem rituellen Schema aufgebaut. Am Anfang steht die Hauptfigur vor einem schier unlösbaren Problem, das im Verlauf des Märchens meist zum glücklichen Ende führt.

Märchen, wie z. B. die der Gebrüder Grimm, sind sehr alt und entgegen der landläufigen Meinung nicht nur für Kinder, sondern auch für Erwachsene verfasst. Sie sind besonders geeignet, den Gefühlen freien Lauf zu lassen und das Langzeitgedächtnis zu aktivieren. Märchen sind in der Regel bekannt und schaffen damit Sicherheit – auch wenn durch die Demenzerkrankung viele Unsicherheiten entstanden sind. Das Vorlesen von Märchen fördert das Wohlbefinden und ermöglicht eine soziale Interaktion. Es kann die kognitiven und motorischen Fähigkeiten stärken, die psychische Gesundheit verbessern und herausforderndes Verhalten reduzieren.

Ähnlich sieht es mit speziell verfassten Alltagsgeschichten aus. Sie nutzen die Fähigkeit, sich an glückliche Kindheitserlebnisse, die erste Liebe oder auch die Liebe zu Tieren zu erinnern. Das Vorlesen einer solchen Alltagsgeschichte ist sehr gut geeignet, um im Anschluss in die Biografiearbeit des an Demenz erkrankten Menschen einzusteigen und somit Erinnerungen wach zu



halten. Geschichten aus dem Alltag vermitteln dadurch ebenfalls das Gefühl von Sicherheit und Geborgenheit.

Ein Märchen oder eine Alltagsgeschichte nur vorzulesen wäre zu einfach, schöner ist es, das Vorgelesene mit allen Sinnen, also ganzheitlich, zu erleben. Dazu kann ein Gegenstand/Requisite, der in der vorgelesenen Geschichte eine große Rolle spielt, verwendet werden oder eine Kleinigkeit zu essen, wie z. B. ein Brot beim Märchen „Frau Holle“. Eine Requisite kann gesehen und erfüllt werden. Etwas zu essen macht das Vorgelesene auf der Geschmacks- und Geruchsebene erlebbar. Unterstützend wird mit dem jeweils zur Geschichte passenden Duftöl aus der Aromapflege der Geruchssinn angeregt.

Kürzlich wurde das Märchen „Schneewittchen“ vorgelesen. Als Requisite kam ein goldener Handspiegel zum Einsatz. Jedes Mal, wenn im Laufe des Märchens der Spiegel eine Rolle spielte, wurde dieser hoch gehalten und zwei Damen begannen sofort, den immer wiederkehrenden Satz „Spieglein, Spieglein an der Wand, wer ist die Schönste im ganzen Land?“ zu sprechen. Es war ein wunderbarer Moment zu sehen, dass die teilnehmenden Bewohner in der Lage waren, der Geschichte zu folgen und sich an einzelne Passagen zu erinnern. Als begleitenden Duft wurde eine Waldduftmischung eingesetzt. Einige Teilnehmer zeigten im Verlauf der Geschichte auch

die zur jeweiligen Situation passenden Emotionen. Jedes Mal, wenn von der bösen Stiefmutter die Rede war, reagierten sie erschrocken und zeigten einen verängstigten Blick. Einige weinten, als die Stiefmutter dem Jäger befahl, das Schneewittchen in den Wald zu bringen und zu töten. Den teilnehmenden Bewohnern wird damit ermöglicht, ihren Emotionen freien Lauf zu lassen.

Abschließend möchten wir dazu ermutigen, Ihrem an Demenz erkrankten Angehörigen oder zu Betreuenden etwas vorzulesen. Trauen Sie sich, es ist nicht schwer und hält für Zuhörer und Vorleser wunderbare Momente bereit.

Petra, Lynn und Manuela  
Service Encadrement



## Presentatioun vum Service Développement organisationnel et Assurance Qualité (SDQ)

Mam neien Organigramm, deen den 1. Januar 2024 a Kraaft getrueden ass, ass och en neie Service an d'Liewe geruff ginn: de Service Développement organisationnel et Assurance Qualité (SDQ). Dëse Service ass direkt der Generaldirektesch énnerstallt an huet säi Sëtz zu Bartreng am Atrium. Mam Chantal Lenertz a mam Mireille Flick hu mer elo 2 Persounen an dësem Beräich schaffen, deenen hir Schwéierpunkte bei der Bewäertung, Entwécklung a Begleedung vun Aarbechtsprozesser a Projeten zur Qualitéitsverbesserung a follgenden Themeberäicher leien:

- Betribskultur
- Leadershipentwécklung
- Qualitéitsmanagement
- Prozessmanagement
- Innovatioun
- Projektmanagement
- Strategieentwécklung
- Organisatiounsentwécklung

Jee no Bedierfnis a Prioritéit ginn si an deem engem oder anere Beräich aktiv. Dëst heescht net, dass si permanent an all dësen Themeberäicher schaffen, mee si reagéieren op aktuell Erausforderungen a schaffen u passende Léisungen.

De Service ka just an enker Kollaboratioun mat de Strukturen, Servicer a Mataarbechter:innen erfollegräich sinn.

Si schafe Plattformen, fir de Bols vun der Betribskultur ze spieren. De Lead vum Comité stratégique gëtt vun hirem Service iwverholl. D'Leadershipentwécklung konzentréiert sech op direktonal a personell Ênnerstëtzung bei spezifesche Projeten an Initiativen.

Si setzen op modern Instrumenter an Techniken, fir d'Qualitéit vun der Aarbecht innerhalb vun der ala ze garantéieren an ze verbesseren. Besonnesch den neien „Q-ala“ wäert erlauben, d'Qualitéitskrittäre méi effizient un d'Besoine vun der ala unzepassen.

D'Prozeduren a Standarde garantéieren eng eenheetlech Linn, verkierzen administrativ Weeër a



Lénks: Mireille Flick – Beoptraagt Qualitéitssécherung  
Rechts: Chantal Lenertz – Beoptraagt Organisatiounsentwécklung

bréngen d'Strukturen an d'Servicer vun der ala méi no beieneen. Den SDQ schafft mat engem Tableau de bord, fir offiziell Dokumenter koordinéiert ze verwalten a reegelméisseg ze iwverschaffen.

Den SDQ analyséiert Mainstream an innovativ Iddien (z. B. kënschtlech Intelligenz) an intégréiert dës an d'ala. D'Mataarbechter:inne ginn encouragéiert, eegen Innovatiounsiddien anzebréngen. An de Beräicher Innovatioun a Projektmanagement huelen si jee no Projet de Lead oder eng begleedend Roll.

De Moment ass ee vun hiren Haaptfokussen op engem neien informatesche Patientendossier fir sämtlech Strukturen a Servicer vun der ala. Wann dësen etabléiert ass, wäerte weider nei Projeten ulafen.

Den SDQ schafft mat der Direktioun, de Mataarbechter:innen an externe Partner zesummen, fir Effizienz an Innovatioun an der ala ze förderen.

Den SDQ steet fir eng staark an nohalteg Entwécklung mat enger gemeinsamer Visioun fir eng qualitativ héichwäerteg Zukunft.



## **SAVE THE DATE!** **MEMORY WALK**

**20. September 2025**  
**Place Clairefontaine**  
**Stad Lëtzebuerg**

# Das Ethikkomitee der ala – Achtung und Ermöglichung der Selbstbestimmung bei Demenz – eine ethische Herausforderung



Die Demenz ist dabei, das große soziale, kulturelle, ökonomische Thema unserer Gesellschaft zu werden. Damit einhergehend stellt sich immer mehr die Frage nach der Achtung und Ermöglichung der Selbstbestimmung und die daraus resultierende ethische Herausforderung.

Jede Form der Demenz ist eine komplexe und vielschichtige Erkrankung, die das Leben der Betroffenen sowie ihrer Angehörigen erheblich beeinflusst. Sie führt zu einem fortschreitenden Verlust kognitiver Fähigkeiten.

Aber auch den Verlust und Zerfall der Autonomie der Betroffenen?

Dies wirft Fragen nach der Selbstbestimmung und Würde der Betroffenen auf.

„Habe Mut, dich deines eigenen Verstandes zu bedienen. Nicht, weil der Mensch über sich selbst bestimmen kann, ist er autonom. Sondern weil er autonom ist, kann er über sich selbst bestimmen.“

Mit diesen Aussagen beschreibt Immanuel Kant die Autonomie als Wesenseigenschaft des Menschen.

Selbstbestimmung ist ein Grundpfeiler der Menschenwürde. Sie bedeutet, dass jeder Mensch das Recht hat, eigene Entscheidungen zu treffen und sein Leben nach eigenen Vorstellungen zu gestalten. Bei Menschen mit Demenz ist dieses Recht jedoch oft eingeschränkt, da die Erkrankung ihre Fähigkeit zur Entscheidungsfindung beeinträchtigt. Dennoch ist es wichtig, ihre Wünsche und Präferenzen so weit wie möglich zu respektieren. Das bedeutet, ihre Lebensgeschichte, Vorlieben und Abneigungen zu kennen und in die Betreuung einzubeziehen.

„Ich bin doch mehr als nur Gedächtnis oder abstraktes Denken.“

Die Aussage von dem selbst von Demenz betroffenen Autor Christian Zimmermann gibt eine Vorstellung vom Wunsch nach Selbstbestimmung.

Auch die Demenzaktivistin Helga Rohra, ebenfalls selbst betroffen, beschreibt in ihrem Buch ihre Vorstellung von Autonomie:

„Ich bin trotzdem ich geblieben, mit und ohne Demenz!“

Der deutsche Ethikrat beschreibt entsprechend in seiner Stellungnahme von 2012 folgende Erkenntnis zur vorliegenden Problematik:

„Dagegen zeigen die neueren wissenschaftlichen Erkenntnisse, dass selbst an fortgeschrittener Demenz erkrankte Menschen zu individuellem Erleben und sensibler sozialer Wahrnehmung fähig sind und persönliche Wünsche haben. Auch wenn die Möglichkeiten zur Selbstbestimmung im Verlauf der Demenzerkrankung abnehmen, bleibt das Selbst des betroffenen Menschen erhalten, dem die aufmerksame und einfühlsame Sorge aller Beteiligten sowie die Solidarität der Gesellschaft zu gelten hat.“

Auch wenn eine Demenz diagnostiziert ist und selbst wenn die Betroffenen nicht mehr sprechen können, teilen sie uns ihren Willen mit. In welcher Reihenfolge sie ihre Kleidung anziehen möchten, ob sie Tabletten einnehmen wollen oder nicht, wann sie schlafen wollen, ob sie allein sein wollen oder nicht ...

Diese Willensäußerungen werden körpersprachlich, mimisch, gestisch, gesprochen oder lautierend ausgedrückt. Nicht immer ist die Botschaft klar und ganz eindeutig.

